QU N°3200

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. November 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Den 18. November huet den Educatiounsministere e Communiqué publizéiert mam Titel « COVID-19 : état de la situation dans les écoles luxembourgeoises au 15.11.2020 » an deem et heescht

*« aucune nouvelle chaîne d'infections (scénario 4) n'a été constatée, ni dans les écoles fondamentales ni dans les établissements de l'enseignement secondaire »,*

an dëst tëscht dem 9. November an dem 15. November.

Laut engem Artikel vun der Zeitung „Luxemburger Wort" vum 25. November 2020, hätt den Educatiounsministere béiden Zeitungen „d'Land" an „Luxemburger Wort" op Nofro hin en Abléck a seng Statistiken ginn. Dësen Statistiken no wieren an der Woch vum 9. November 11 Klassen am Zenario 4 gewiescht. Och laut dem « Rapport d'analyse sur la situation de la COVID-19 dans les établissements scolaires du 15 septembre au 1er novembre 2020 » vum Educatiounsministere wieren tëscht dem 26. Oktober an dem 1. November 9 Secondairesklassen am Zenario 4 gewiescht.

Desweideren, geet aus deem selwechten Artikel aus dem „Luxemburger Wort" ervir datt am „Rapport d'analyse sur la situation de la COVID-19 dans les établissements scolaires du 15 septembre au 1er novembre 2020", keng Wëssenschaftler matgewierkt sollen hunn. Tatsächlech, hätten nëmmen Mataarbechter vum Ministere un dësem Rapport matgeschafft. Och den Dr. Jean-Claude Schmit hätt op Nofro hin bemierkt datt et en deskriptiven Rapport wier mat kenger besonnesch entwéckelter Methodologie. Den Här Paul Wilmes vun der Covid-19 Taskforce hätt zudeem bemierkt datt de lëschte Kontakt tëscht der Covid-19-Tasforce an dem Educatiounsministere am September gewiescht wier.

Aus dëse Grënn wëlle mir folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Vu datt den Educatiounsministere selwer kommunizéiert huet datt Enn Oktober 9 Klassen am Zenario 4 waren an datt och laut de Statistiken déi de Ministere béiden Zeitungen zoukomme gelooss huet, an der Woch vum 9. November 11 Klassen am

Zenario 4 gewiescht wieren, mengt d'Regierung net, datt et falsch ass am Communiqué vum 18. November ze behaapten, et wieren keng nei Infektiounsketten dobäikomm?

- Kann d'Regierung eis matdeelen wien de « Rapport d'analyse sur la situation de la COVID-19 dans les établissements scolaires du 15 septembre au 1er novembre 2020 » mattegwierkt an geschriwwen huet ? Wien huet d'Analyse gemaach ?
- Kann d'Regierung bestätegen datt den Edukatiounsministere säit September kee Kontakt méi mat de Wëssenschaftler vun der Covid-19-Taskforce hat?
- Aus wéi engem Grond schafft de Ministere, deem säin Minister jo och Héichschoul-an Fuerschungsminister ass, net zesummen mat eisen Wëssenschaftler?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Claude Wiseler
Deputéierten

Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (26.11.2020)

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3200 vun den honorabelen Deputéierten Martine Hansen a Claude Wiseler**

Déi honorabel Deputéiert wëlle wëssen, ween den Auteur vun dem Rapport ass, deen den 12. November 2020 virgestallt ginn ass. Ech géing déi honorabel Deputéiert dofir invitéieren, d'Introduktioun vun dem concernéierte Rapport ze liesen. Do steet dran, datt de Rapport vum Educatiounsministère erstallt ginn ass, op der Basis vun den offiziellen Zuele vun der Inspection Sanitaire. Iwwert d'Zil vum Rapport renseignéiert d'Introduktioun och: « *Les conclusions qui se dégagent de cette analyse orientent le ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse dans ses prises de décision, qu'il s'agisse du maintien ou de l'adaptation des mesures en place ou de l'introduction de mesures sanitaires ou organisationnelles complémentaires qui permettraient, le cas échéant, d'aligner le dispositif sanitaire de l'Éducation nationale sur des mesures de portée générale décidées par le gouvernement.* » De Rapport ass deemno eng statistesch Auswäertung vun den offiziellen Zuelen duerch den Educatiounsministère an huet d'Zil, eng transparent Informatioun vun der Ëffentlechkeet ze assuréieren an de Ministère a sengen Entscheedungsprozesser ze orientéieren. Datt et sech dobäi net em eng wëssenschaftlech Fuerschungspublikatioun handelt, dierft op den éischte Bléck ersiichtlech sinn.

Un dem Rapport matgewierkt hu Leit aus follgenden Gremien a Servicer:

- Memberen aus dem **"Comité de Pilotage Covid-19 & Education"**;
- Mataarbechter aus der **"Cellule de Coordination"** vum MENJE an der Inspection Sanitaire;
- Mataarbechter aus der **"Division du traitement de données"** vum SCRIPT.

Dës Mataarbechter hunn och schonn un dem éischte Rapport d'analyse iwwert d'Verbreedung vum COVID-19-Virus an de Schoulen am August 2020 matgeschafft an erstellen och déi Zuelen an Analysen, déi de Ministère all Woch publizéiert. Et handelt sech dobäi engersäits ëm erfuere Statistiker an Data-Analysten, déi zanter Joren d'Kontributioune vu Lëtzebuerg zu nationalen an internationalen Etuden erstellen, an anerersäits ëm déi responsabel Beamte fir d'COVID-19-Strategie an de Beräicher vun de Grondschoulen an de Lycéeën.

Esou wéi d'Aarbechte vum Educatiounsministère am Summer schonn d'Basis ware fir eng wëssenschaftlech Publikatioun duerch d'Fuerscher vun der COVID-19-Taskforce vun der Uni.lu a Membere vun der Inspection Sanitaire, wäerten och d'Donnéeë vum aktuelle Schouljoer fir eng wëssenschaftlech Publikatioun genotzt ginn. Dobäi huet den Héichschoulministère e permanente Kontakt mat de Fuerscher vun der Taskforce.

Ech stellen dann awer fest, datt et bis haut kaum inhaltlech Kritiken un der Qualitéit vum Rapport vum Educatiounsministère gëtt. D'Kritik fokusséiert op d'Auteuren, déi Beamten aus dem Educatiounsministère sinn. D'Froe vun den honorabelen Deputéierte confirméieren dëst nach eng Kéier.

Ech bedaueren, datt eng sachlech Ausernanersetzung mat dem Rapport net stattfënnt, mee sech amplaz op d'Auteuren ageschoss gëtt. Auteuren, déi Experten a vereedegt Beamten aus deene verschiddenste Verwaltunge vun der Educatioun sinn an déi hirer Aarbecht mat Devouement an Impartialitéit noginn.

Ech erlaben mer an deem Zesummenhang, meng grouss Suerg auszedrécken, wann an dëser Krisesituatioun d'Integritéit vun den ëffentleche Verwaltungen onbegrënnt a Fro gestallt gëtt. Wouhinner dat féiert, wann d'Glafwierdegkeet vun de staatlechen Institutiounen ënnergruewen gëtt, an eng sachlech Diskussioun net méi méiglech ass, gesi mir bei verschiddene Protestbeweegungen an eisen Nopeschlänner. Déi honorabel Deputéiert wäerte mer zoustëmmen, datt mir esou eng Situatioun zu Lëtzebuerg net wëllen.

Ech bedaueren dann awer och, datt den Zeitungsartikel aus dem *Luxemburger Wort*, op deen sech déi honorabel Deputéiert an hirer Fro bezéien, méi zur Confusioun wéi zur Opklärung vun der Ëffentlechkeet bäigedroen huet.

D'Presseufro vun dem *Luxemburger Wort* bestoung doranner, en Abléck an d'Infektiounszuele pro Schoul a Lycée ze kréien. Den Educatiounsministère hat eng Auswiel vu Gebaier a sengem Rapport d'analyse beliicht. An deene Graphike gi pro Etablissement all d'Klassen opgelëscht entspriechend der Unzuel vu positive Schüler, déi et an der Klass zanter dem Schoulufank gouf. Dës Graphike renseignéiere guer net doriwwer, wéi dës positiv Fäll an Infektiounsketten (Zenarie 4) zesummenhänken, an och net doriwwer, wéini dës Infektiounskette stattfonnt hunn.

Trotzdem versicht d'*Luxemburger Wort* sech an dem concernéierten Artikel doranner, dës Schlussfolgerungen ze zéien, a Widderspréch an d'Zuele vum Educatiounsministère eran ze interpretéieren. Dobäi ginn d'Zuelen aus dem Kontext gerappt, falsch gedeit an och déi falsch Conclusiounen dorauser gezunn.

Ech bedaueren zudéifst, datt duerch dës sachlech falsch an ontransparent Aart a Weis virzegoen, d'Analysen an d'Zuele vum Educatiounsministère ëffentlech a Fro gestallt gi sinn, an domadder och d'Vertraue vun den Enseignanten, Elteren a Schüler an d'Aarbechte vum Educatiounsminstère ënnergruewe sollte ginn.

Ech erlabe mer an deem Zesummenhang, och nach eng Kéier op d'Aussoe vum Communiqué vum Educatiounsministère vum 18. November 2020 zeréckzekommen. Dëse Communiqué beliicht d'Zuele vun der Woch vum 9. bis de 15. November 2020, an där et net zu engem neien "Zenario 4" komm ass. Fir engem falschen Androck aus de Schoulen a Lycéeën entgéintzewierken, preziséiert de Communiqué gläichzäiteg, datt fir d'Woch duerno eng Rei vu potentiellen Zenarie 4 am Gaange wieren analyséiert ze ginn.

*"Au cours de la période indiquée, aucune nouvelle chaîne d'infections (scénario 4) n'a été constatée, ni dans les écoles fondamentales ni dans les établissements de l'enseignement secondaire (...). Plusieurs cas potentiels de scénario 4 sont actuellement analysés pour la semaine du 16 novembre, dont le cas de l'école fondamentale de Steinsel."*

Am Communiqué vum 27. November 2020 geet den Educatiounsministère dann och op dräi Fäll an, bei deenen en "Zenario 4" virlouch.